GEMENG manternach

# Gemengebuet

N°1 / 2021





KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech

# Sommaire


EDITORIAL VUM BUERGERMEESCHTER 3-4

NEIJOERS-USPROOCH VUM BUERGERMEESCHTER 5-8

GEMENGEROT 9

Gemengerotssëtzunge
vum 11.11.2020, 18.12.2020 an 03.02.2021 9-25
Personal 25-26
Chantiers 26
Subventions 27

OFFIZIELL MANIFESTATIOUNEN 28

Dag vum Bam 28
Holzstee 28
Maacher Lycée 29

OFFIZIELL MATDEELUNGEN 30

Avis au public 30
SMS2CITIZEN 30
Ruffbus 31
Super senior 32-33
Inhumation dans la nature 34

GRÉNGEN ECK 35

Eis Gemeng engagéiert sech am Naturschutz 35
Liichtblécker fir eis Ëmwelt 36
Home office 37
Sigre 38-39
Aktivität + Agenda „A Wiewesch" 40-41
EBL (Bella) 42

RÉTROSPECTIVE 43

D'Réckblend - Januar - Abrëll 1991 43-50

ÉTAT CIVIL DU 01.11.2020 - 28.02.2021 51



RECYCLE
Papier fait à partir de matériaux recyclés
FSC® C008551
www.fsc.org

Imprimerie OSSA, Niederanven
PRINTED IN LUXEMBOURG

myclimate neutral Imprimerie
myclimate.org/01-18-878020

# Editorial

VERSIOUN VUM 20.04.2021



**Léif Matbiergerinnen a Matbierger,**

seit engem gudde Joer si mir lo schonn am Corona-Krisemodus ënnerwee. Et war an ass fir eis alleguer eng schwéier Zäit, mee glécklecherweis ass mat de Vaccin'en endlech Liicht um Enn vum Tunnel ze gesinn. Fir dëse Prozess z'ënnerstëtzen huet d'Gemeng de vulnerabelen an eelere Leit de Ruffbus zur Verfügung gestallt. Et ass kloer, dass déi ganz Situatioun fir keen einfach ass an net jidderee frou mat verschiddene Mesuren ass, mee mir mussen eis alleguer zesummen nach e bësse gedëllegen an hoffen, dass et bis zum Enn vum Joer besser gëtt.

Fir de Rescht hu mir och weiderhi vill Projet'en an der Gemeng um Lafen. Beim Projet vum Pompjeesbau, der Crèche an de Stroossebauprojet'en zu Lelleg an zu Mënjecker hoffen ech, dass mer endlech besser viru kommen. Leider si mer do vu villen aneren Acteuren ofhängeg, bei deenen et net ëmmer gutt viru geet. Weider Detailer dozou fannt Dir och a menger Ried fir Neijoerschdag op der Säit 5. Besonnesch frou sinn ech, dass eise grousse Projet zu Berbuerg an der Weckerstrooss an am Bierg endlech ofgeschloss konnt ginn. Ech soen allen Awunner aus de respektive Stroosse Merci fir hiert Versteesdemech an hier Gedold, an denken dass d'Resultat gutt ginn ass. Dëse Projet war wichteg fir de Kanalsystem zu Berbuerg.

Als President vun der Sport- a Jugendkommissioun sinn ech houfreg dass mir kënnen nei Offere fir eis sportbegeeschtert Matbiergerinnen a Matbierger ubidden. Grad an der Corona-Zäit hu vill Leit hier Begeeschterung fir déi sportlech Aktivitéiten nei entdeckt an dofir war et eis wichteg, fir och als Gemeng mat verschiddenen Aktivitéiten do matzemaachen. Sou hu mir

**Chères concitoyennes, chers concitoyens,**

Depuis plus d'un an maintenant, nous faisons face à la crise du coronavirus. Il s'agissait – et il s'agit toujours – d'une période difficile pour chacun d'entre nous. Néanmoins, grâce aux vaccins, nous voyons poindre une lueur d'espoir au bout du tunnel. Pour accompagner ce processus, la commune met à disposition des personnes âgées et vulnérables le service du « Ruffbus ». Soyons clairs : cette situation n'est facile pour personne, et les différentes mesures sont contraignantes, mais nous devons toutes et tous – ensemble – faire preuve encore d'un peu de patience, en espérant que cette crise sera derrière nous d'ici la fin de l'année.

Pour le reste, de nombreux projets sont en cours dans la commune et nous souhaitons les voir avancer plus rapidement cette année. En effet, j'espère que les projets de la caserne des pompiers, de la crèche et de la construction routière à Lellig et à Münschecker pourront se concrétiser bientôt. Ces projets dépendent toutefois de nombreux acteurs qui, parfois, entravent leur progression. Vous trouverez plus de détails sur les projets dans mon discours de vœux à la page 5. Je me réjouis particulièrement de voir que le projet d'envergure à Berbourg, dans les rues « Weckerstrooss » et « Am Bierg », est terminé. Un grand merci à tous les riverains des rues respectives pour leur compréhension et leur patience. Je trouve d'ailleurs que le résultat est très réussi ! Un projet particulièrement important pour notre réseau de canalisations à Berbourg.

En tant que Président de la commission consultative du sport et de la jeunesse, je suis très fier de pouvoir proposer de nouvelles offres à nos concitoyennes et concitoyens amateurs de

mat eisem Ufängercours fir Jogger eng Offer fir Jiddereen, dee sech well an der Grupp dem Lafe widmen. Weiderhin ass och geplangt fir dës Joer eng éischte Kéier bei der Nuit des Sports matzemaachen. Hei kënnt Dir eis verschidden attraktiv Sportsveräiner aus der Gemeng besser kenneléieren an eventuell Member bei hinne ginn, wann dat nach net de Fall sollt sinn.

Ech well awer och un eis Subside fir Vëlo'en erënneren, mat deene mir eis Biergerinnen a Bierger beim Kaf vun engem Drotiesel ënnerstëtzen a si sou wëlle motivéieren, Sport ze maachen. A well de Vëlo jo momentan an der Moud ass, hu mir eis och gemellt, fir dës Joer beim „Velosummer", dee jo d'lescht Joer e grousse Succès kannt huet, matzemaachen.

Ech wënschen Iech vill Spaass beim Liesen an duerchkucken vum Buet a bleift alleguer gesond.

**Jempi HOFFMANN**
Buergermeeschter / *Bourgmestre*
Jean-pierre.hoffmann@manternach.lu

sport. En cette période de crise de la COVID-19, de nombreuses personnes ont (re)découvert le sport, raison pour laquelle il était important pour nous, en tant que commune, d'y participer en proposant différentes activités sportives. Il existe ainsi une offre de course à pied pour débutants qui souhaitent découvrir le jogging en groupe. La commune envisage également de participer cette année pour la première fois à la Nuit des Sports. Un événement qui permet aux citoyennes et aux citoyens de mieux connaître les différentes associations sportives de la commune et de devenir membre si cela n'est pas encore le cas.

Je souhaite également vous rappeler nos aides pour l'acquisition d'un vélo. Elles permettent de donner un coup de pouce à nos citoyennes et citoyens qui souhaitent s'acheter une bicyclette et de les encourager à pratiquer une activité physique. Et comme le vélo a la cote en ce moment, nous avons exprimé notre souhait de participer cette année au « Velosummer », qui a connu un franc succès l'année dernière.

Je vous souhaite une bonne lecture du Buet. Restez en bonne santé !



# Neijoërsusprooch

https://vimeo.com/496631060

## NEIJOERS-USPROOCH VUM BUERGERMEESCHTER

**Léif Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng Manternach,**

Ech wënschen iech am Numm vum Schäffen- a Gemengerot all Guddes am Joer 2021, a virun allem natierlech eng gutt Gesondheet, well dat ass dat Wichtegst, grad an dëse schwieregen Zäiten. Ech hoffen dir konnt trotz allem e schéint Fest mat ärer Famill feieren, och wann et des Joer natierlech anescht war.

Ech hunn haut d'Geleeënheet op e schwéiert Joer 2020 zeréck ze blécken, an duerno e klengen Ausbléck op 2021 ze maachen.

D' Joer 2020 war vum Coronavirus staark beanträchtegt. Wärend iwwer 2 Méint ware mir am komplette Lockdown an och fir de Recht war näischt méi, wéi et mol war. Mir hunn als Gemeng versicht, sou séier wéi méiglech d' Mesure vun der Regierung um Terrain ëmzesetzen an och eise Biergerinnen a Bierger weiderhin e gudden an effikasse Service ze bidden. Doriwwer eraus hu mir och een Akaafsservice fir eeler a vulnerabel Leit op d' Bee gesat. Ech profitéieren dofir vun der Geleeënheet fir alle fräiwëllegen, déi sech gemellt hunn Merci ze soen. E grousse Merci awer och un eist Gemengepersonal, d' Vertrieder vum CGDIS, dem Léierpersonal an de Leit aus de Maison Relais an der Crèche, déi eng enorme schwéier Tâche an der Zäit haten an och dem gesamte Kranken a Fleegepersonal. Ouni hiren exemplareschen Asaz wär et nach vill méi schwéier ginn, wéi et scho war. Ech well och de Veräiner aus der Gemeng Merci soen, déi keng einfach Zäit haten an dëser Kris. Si droe vill zum soziale Liewen an der Gemeng bei an dofir war et eis e immens wichteg, si weider ze ënnerstëtzen, ëmmer een oppent Ouer fir si ze hunn an si ze ënnerstëtzen.

Natierlech sinn duerch de Lockdown eis Projeten méi lues wéi geplangt viru gaangen. Trotzdeem konnte mir de Réaménagement

## DISCOURS DU NOUVEL AN PAR MONSIEUR LE BOURGMESTRE

**Chères citoyennes, chers citoyens de la commune de Manternach,**

Au nom du collège échevinal et du conseil communal, je vous adresse nos meilleurs vœux pour 2021 ! Nous vous souhaitons surtout une bonne santé – bien le plus précieux – notamment en ces temps difficiles. J'espère que vous avez pu malgré tout passer de belles fêtes de fin d'année entouré de votre famille, bien qu'elles aient été inédites cette année.

C'est aujourd'hui l'occasion pour moi de revenir sur une année 2020 difficile et de faire des perspectives pour 2021.

L'année 2020 a été fortement impactée par le coronavirus. Nous avons vécu un confinement total de plus de 2 mois, et plus rien n'a été comme avant. En tant que commune, nous nous sommes efforcés d'appliquer les mesures le plus rapidement possible sur le terrain, tout en essayant de continuer à assurer un service de qualité pour nos citoyennes et citoyens. Nous avons également mis sur pied un service de courses destiné aux personnes âgées et vulnérables. J'en profite pour remercier chaleureusement tous les bénévoles. Un grand merci également à notre personnel communal, aux représentants du CGDIS, aux enseignants et au personnel de la Maison Relais et de la crèche, qui ont dû relever des défis inédits pendant cette période, ainsi qu'à l'ensemble du personnel médical et soignant. En effet, sans leur engagement exemplaire, la situation aurait été bien pire. Je remercie également les associations et les clubs de la commune qui ont également souffert pendant cette période. Ils contribuent grandement à la vie sociale de la commune, raison pour laquelle ils ont toujours pu compter sur le soutien de la commune.

Bien évidemment, en raison du confinement, nos projets ont avancé moins vite que prévu.

vun der Kanalisatioun am Kéiwee zu Berbuerg ofschléissen an och de Projet am Bierg respektiv der Weckerstrooss ass a senger Endphase. Des Projeten sinn enorme wichteg fir dem demographesche Wuesstem gerecht ze ginn. Och wann d' Leit zu Berbuerg doduerch leider vill gestéiert gi waren, ass et fir hier Zukunft a fir déi vun alle Bierger. Och d'Chantieren ënnert dem Buedem däerfen net vergiess ginn an do waart an de nächste Joren vill Aarbecht op eis, fir eis Retarden opzehuelen.

Des weideren hunn mir am Hierscht och de séchere Schoulwee kënne presentéieren. An der Zesummenaarbecht mat de Kanner an hiren Elteren sinn hei Problemer am Stroosseverkéier identifizéiert ginn an versicht ginn, se mat neie Mesurë wéi neie Stroosseverengungen ze behiewen. Och hei waart nach vill Aarbecht op eis. Beim „séchere Schoulwee" handelt et sech em e Projet, dee wuel ni ganz ofgeschloss ass. Et kommen ëmmer rëm nei Erausfuerderungen a Problemer op eis duer, fir déi mir versiche Léisungen ze fannen.

Bei der Schoul hu mir vum Synecosport aus déi flott Spillplaz fir d'Kanner fäerdeg gestalt kritt. Mir hunn och weider Ziler a punkto enger méi nohalteger a klimafrëndlecher Gemeng erreecht. Sou hu mir et dann och fäerdeg bruecht, innerhalb vu net mol dräi Joer de Sëlwerstatus am Klimapakt ze erreechen. Dat ass eng grouss Leeschtung an dofir soen ech all de bedeelegte Persounen e grousse Merci.

Am Joer 2021 waarde vill grouss Erausfuerderungen op eis: mir wäerte weider musse géint de Virus kämpfen a solidaresch zouenee sinn. Ech sinn iwwerzeegt dass mir dat kennen zesumme packen. Mee och als Gemeng hu mir eis vill virgeholl, och wann duerch d'Coronakris eis Recetten, déi mir vum Staat kréien em ca 1,3 Milliounen Euro par Rapport zu de Previsiounen erof ginn. Dat bedeit fir eis awer net dass mir Projeten sträichen oder no hanne verleeën, och wann et sécherlech zu Retarde komme wäert. Mat eisem Budget, dee mir am Gemengerot unanime gestëmmt hunn, huele mir eis vill fir. Et ass eis wichteg, weider am Sënn vun eise Matbiergerinnen a Matbierger ze investéieren, an dat op eng kontrolléiert Aart a Weis, ouni méi auszeginn wéi mer zur Verfügung hunn. All Investment vun haut ass eng Plus-value fir d'Liewensqualitéit vun eis Alleguer an der Zukunft.

Toutefois, nous avons pu achever les travaux de réaménagement de la canalisation dans le « Kéiwee » à Berbourg, et le projet dans les rues « Am Bierg » et « Weckerstrooss » est dans sa phase finale. Des projets indispensables pour pouvoir répondre à la croissance démographique. Bien que ces travaux puissent occasionner un désagrément pour les habitants de Berbourg, rappelons qu'il s'agit d'un investissement pour notre avenir et que les travaux sont dans notre propre intérêt. Il ne faudra pas non plus oublier les chantiers sous-terrain qui nous occuperont encore un certain temps si nous souhaitons rattraper nos retards.

En automne, nous avons également pu présenter notre « séchere Schoulwee » : dans un processus participatif incluant élèves et parents, nous avons identifié les dangers de la circulation routière et avons pris de nombreuses mesures pour les réduire, tels que le rétrécissement de la chaussée. Beaucoup de travail nous attend dans les années à venir. En effet, le projet « séchere Schoulwee » est un projet qui ne sera jamais vraiment terminé. Nous sommes sans cesse confrontés à de nouveaux défis et problèmes, pour lesquels nous nous efforçons de trouver des solutions.

Près de l'école, le Synecosport a aménagé une très belle aire de jeux pour les enfants. En termes de développement durable et de respect du climat, notre commune a également atteint d'autres objectifs. En effet, en à peine trois ans, nous avons réussi à atteindre le statut argent du PacteClimat. Une performance incroyable – merci à toutes les personnes impliquées !

En 2021, de grands challenges nous attendent. Quoiqu'il en soit, nous devrons continuer à lutter contre le virus et à rester solidaires les uns avec les autres. Je suis certain que nous pouvons y arriver. En tant que commune, nous avons beaucoup de projets, même si nos recettes ont diminué de 1,3 millions d'euros par rapport aux prévisions à cause de la crise du coronavirus. Cela ne signifie pas pour autant que des projets seront supprimés ou reportés, même si certains devront prendre du retard. Notre budget, voté unanimement au conseil communal, nous permet de nous fixer des objectifs ambitieux. En effet, il est indispensable d'investir pour nos concitoyennes et concitoyens, de façon contrôlée, sans dépenser outre mesure. Tout investissement que nous réalisons aujourd'hui constitue demain une plus-value pour la qualité de vie de nous tous.

Wéi eise PAG dat virgesäit, wäerte mir och weiderhin op eng moderat Aart a Weis wuessen, ouni eise ländlechen Duerfcharakter ze verléieren. Dofir ass et eis wichteg, och fir eis Kanner ze investéieren. Eng Crèche soll zu Manternach an der aler Gemeng, zesumme mat enger Annexe entstoen, sou kann dëst Gebai rëm valoriséiert ginn, ouni dass d'Veräiner et musse verloossen. Am Sënn vun der Nohaltegkeet soll hei och eng zentral Heizung erstoen, déi op fossil Energië verzicht. Dëse Projet ass momentan an der Ausschaffung a sollt am Joer 2024 fäerdeg gestallt ginn. Dat ass mol de virleefege Plang.

An dem Kontext soll och gekuckt ginn, fir eis Maison Relais vum Synecosport eventuell an e puer Joer auszebauen. Fir de Service un de Bierger an de nächste Joren ze verbesseren, gëtt eist Gemengenhaus konforme a behënnertegerecht amenagéiert an de Späicher gëtt ausgebaut.

D' Projete vum bezuelbare Wunnraum an dem neie Pompjeesbau si leider net sou viru gaangen wéi mir eis et gewënscht hunn, mee och hei wëlle mir nächst Joer weider dru schaffen a wa méiglech gutt viru kommen. Leider gi sou Projet'en oft vun de verschiddenen Instanze gebremst an dofir musse mir wieder um Ball bleiwen.

A Saache Sécherheet op de Stroosse wäerte mir am nächste Joer verschidde Mesuren huelen, genau wéi a punkto Nohaltegkeet, an dat beispillsweis mat Photovoltaikanlagen an der leschter Etapp vun der LED-Beliichtung an den Dierfer. Fir eis Dierfer méi attraktiv ze gestalte sollen nei Stroosseschëlder kommen an Informatiounspanneauen.

Mee och op de Stroossen gëtt weider geschafft: sou soll, wéi gesot de Projet um Bierg an am neie Wee zu Berbuerg fäerdeg gestallt ginn, genau wéi de Scheedbierg zu Lelleg de Projet Maacherwee zu Mënjecker soll endlech ugoen, genausou wéi d' Renaturéierung zu Lelleg. Hei soll duerch eng Kanaltrennung de Problem vun den Iwwerschwemmunge geléist ginn. Menjecker soll dann och un déi nei Kläranlage zu Maacher ugeschloss ginn. Zu Manternach gëtt de Projet ausgeschafft fir an der Syrdallstrooss souwuel een Trottoir wéi och eng anstänneg Internetverbindung ze bréngen. Leider dauert dëse Projet nach laang an ech bieden em

Comme le prévoit notre PAG, nous continuerons à grandir de manière modérée, sans perdre notre caractère villageois. Ainsi, il est également important d'investir pour nos enfants. Une crèche verra le jour à Manternach, dans l'ancienne mairie, ainsi qu'une annexe. Ce projet, permettra de revaloriser le bâtiment, sans que les associations soient obligées de le quitter. Dans le cadre du développement durable, il est prévu d'y installer un chauffage central qui renonce à l'énergie fossile. Ce projet est en cours d'élaboration et devrait voir le jour en 2024 selon le planning.

Dans ce contexte, il est également envisageable d'agrandir notre Maison relais du Synecosport dans quelques années. Afin d'améliorer les services proposés aux citoyens dans les années à venir, notre mairie fera l'objet de travaux d'aménagements pour pouvoir accueillir les personnes à mobilité réduite, et les greniers seront également transformés.

Le projet de logements abordables et celui de la nouvelle caserne des pompiers n'ont malheureusement pas avancé comme nous l'aurions souhaité, mais nous continuerons à y travailler en espérant avancer rapidement. Malheureusement, ces projets impliquent différentes instances, ce qui entrave leur progression. Nous devons donc les suivre de très près.

En ce qui concerne la sécurité routière, différentes mesures seront prises dans les années à venir, également en termes de développement durable, tel que l'installation de panneaux photovoltaïques dans la dernière étape de l'éclairage LED des villages. Afin de rendre nos villages plus attrayants, de nouveaux panneaux de signalisation et d'informations seront installés.

Différentes rues sont toujours en travaux. L'objectif est de terminer le projet dans les rues « um Bierg » et « Am neie Wee » à Berbourg, ainsi que « Scheedbierg » à Lellig. Le projet « Maacherwee » à Münschecker devrait enfin commencer, de même que la renaturation à Lellig. Une séparation des canaux devrait ici résoudre le problème des inondations. Münschecker devrait aussi être raccordé à la station d'épuration de Grevenmacher. A Manternach, un projet est à l'étude afin d'aménager un trottoir dans la rue « Syrdallstrooss » et d'installer une bonne

Gedold. Dat selwecht gelt beim Projet an der Hiel zu Lelleg.

Dir gesitt och 2021 hu mir vill Aufgabe virun eis a mir hoffen, dass mer gutt viru kommen. Dat wichtegst ass awer, dass dir an är Léifst all gesond bleift a mir des Kris sou gutt a sou séier wéi méiglech iwwerstinn.

Ech wënschen iech all Guddes fir 2021,


**Jempi HOFFMANN**
Buergermeeschter

connexion Internet. Malheureusement, ce projet prendra encore beaucoup de temps, je vous remercie donc de votre patience. Il en va de même pour le projet « An der Hiel » à Lellig.

Comme vous venez de le lire, beaucoup reste à faire en 2021, et nous espérons pouvoir avancer à un rythme soutenu. Cependant, le plus important est que vous, ainsi que vos proches, restiez en bonne santé et que nous puissions sortir de cette crise le plus rapidement possible.

Je vous souhaite à toutes et à tous une très belle année 2021,

**Jempi HOFFMANN**
Bourgmestre






## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 11. NOVEMBER 2020

### DAGESUERDNUNG

**A geschlossener Sëtzung**

1. Nominatioun op de Posten vum Ingénieur diplomé

**An der ëffentlecher Sëtzung**

2. Unhuele vum Plan de Gestion fir d'Joer 2021 vum Triage vu Manternach
3. Unhuele vu Recetten
4. Ufro fir eng nei Grafkonzessioun
5. Décisioun zu der Affektatioun vun der Indemnité compensatoire oder der Renonciatioun vun der Indemnité compensatoire fir de PAP „A Kouler" zu Manternach
6. Unhuelen vun engem Règlement temporaire de circulation
7. Syndikater / Kommissiounen – Informatiounen vun den Delegéierten / Presidenten
8. Kommunikatioun vum Schäfferot a Froen vun de Conseilleren

**Uwiesend:**

HOFFMANN Jean-Pierre, Buergermeeschter
KLEIN-UNGEHEUER Alix, Schäffin
THEISEN Claude, Schäffen
KLEIN-SEIL Henriette, MEHLEN Robert, KRIER-STEINMETZ Isabelle, Gemengeréit

**Absent:**

a) entschëllegt: THOSS-LEHMANN Marie-Rose, SCHRAM-PETRI Alice, HELLERS Frank, Gemengeréit;

b) onentschëllegt: /

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 11 NOVEMBRE 2020

### ORDRE DU JOUR

**En séance à huis clos**

1. Nomination au poste vacant d'ingénieur diplômé

**En séance publique**

2. Approbation du plan de gestion annuel 2021 du triage de Manternach
3. Approbation de recettes
4. Attribution d'une nouvelle concession tombale
5. Décision concernant une affectation de l'indemnité compensatoire ou de la renonciation de l'indemnité compensatoire du PAP « A Kouler » à Manternach
6. Approbation d'un règlement temporaire de circulation
7. Syndicats / Commissions – Informations des délégués / Présidents
8. Communication du collège des bourgmestre et échevins et questions des conseillers

**Présents :**

HOFFMANN Jean-Pierre, Bourgmestre
KLEIN-UNGEHEUER Alix, Échevine
THEISEN Claude, Échevin
KLEIN-SEIL Henriette, MEHLEN Robert, KRIER-STEINMETZ Isabelle, Conseillers

***Absents :***

a) excusé(e)s : THOSS-LEHMANN Marie-Rose, SCHRAM-PETRI Alice, HELLERS Frank Conseillers

b) sans motif : /

---

**A geschlossener Sëtzung**

**1. Nominatioun op de Posten vum Ingénieur diplomé**

Eng Persoun ass op de vakante Posten vum Ingénieur diplomé genannt ginn.

**2. Unhuele vum Plan de Gestion fir d'Joer 2021 vum Triage vu Manternach**

**En séance à huis clos**

**1. Nomination au poste vacant d'ingénieur diplômé**

Une personne a été nommée au poste vacant d'ingénieur diplômé.

**2. Approbation du plan de gestion annuel 2021 du triage de Manternach**

Den Här Luc Roeder huet de Plan de Gestion fir d'Joer 2021 vum Triage vu Manternach presentéiert. D'Investissementer belafen sech op 95.089,12€ an d'Einnamen op 66.400 €. Et gëtt deemno eng Perte vun 28 689,12 € festgehalen. De Plan de Gestion ass eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl ginn.

**3. Unhuele vu Recetten**

Folgend Recetten sinn eestëmmeg vun de Memberen vum Gemengerot ugeholl ginn:

Monsieur Luc Roeder a présenté le plan de gestion 2021 du triage de Manternach. Le montant des investissements se chiffre à 95.089,12 € et les revenus à 66.400 €. On doit arrêter une perte de 28 689,12 €. Le plan de gestion a été approuvé à l'unanimité des voix des membres présents.

**3. Approbation de recettes**

Les titres de recettes suivants ont été approuvés à l'unanimité des voix des membres présents :

**TITRES DE RECETTES 2020**

| Article budgétaire | Libellé | Montant |
|---|---|---|
| 1/180/288180/99001 | Remboursement autres apports en capital, Fonds et Fonds associatifs ; Remboursement des dépenses extraordinaires de l'Office social commun | 1.610,00 € |
| 2/135/706120/99001 | Mise à disposition de main d'œuvre et utilisation des machines/engins communaux | 17.310,00 € |
| 2/260/768000/99001 | Remboursement dépenses ordinaires de l'Office social commun de Grevenmacher | 4.513,46 € |
| 2/413/708211/99001 | Location de la chasse/pèche | 226,55 € |
| 2/425/705100/99001 | Production énergies renouvelables | 1.040,48 € |
| 2/624/748350/99001 | Remboursement des dégâts causés à la voirie et aux trottoirs | 60,00 € |
| | **Total :** | **24.760,49 €** |

**4. Ufro fir eng nei Grafkonzessioun**

D'Ufro fir eng nei Grafkonzessioun op de Numm Dourdil-Diniz ass eestëmmeg vun de Membere vum Gemengerot ugeholl ginn.

**5. Decisioun zu der Affektatioun vun der Indemnité compensatoire oder der Renonciatioun vun der Indemnité compensatoire fir de PAP „A Kouler" zu Manternach**

De Gemengerot huet eestëmmeg decidéiert fir eng Indemnité compensatoire anzeféieren, ënnert der Forme, dass d'Propriétairen den Espace vert innerhalt vum genannte PAP mussen amenagéieren , an dat am Accord mam Fierschter vu Manternach. Et sollen entweder Beem oder Hecken ugeplanzt ginn.

**6. Unhuelen vun engem Règlement temporaire de circulation**

De Gemengerot huet eestëmmeg een Verkéiersreglement, wat d'Urgence fir den Zäitraum vum 9. November um 08h00 bis den 16. November um 06h00 huet misse geholl ginn, confirméiert. Et

**4. Attribution d'une nouvelle concession tombale**

La demande pour l'attribution d'une concession tombale au nom de Dourdil-Diniz a été approuvée par tous les membres présents du conseil communal.

**5. Décision concernant une affectation de l'indemnité compensatoire ou de la renonciation de l'indemnité compensatoire du PAP « A Kouler » à Manternach**

Le conseil communal a décidé à l'unanimité des voix des membres présents de demander une indemnité compensatoire sous forme que les propriétaires doivent aménager l'espace vert public à l'intérieur du PAP en question, et ceci en commun accord avec le préposé forestier du triage de Manternach et en implantant des arbres et/ou des arbustes.

**6. Approbation d'un règlement temporaire de circulation**

Le conseil communal a confirmé, à l'unanimité des voix des membres présents, un règlement temporaire de circulation d'urgence du 9 novembre

handelt sech ëm eng Spärung op béide Säiten an der Syrdallstrooss op der Héischt vum Passage à Niveau PN73.

### 7. Syndikater / Commissiounen – Informatiounen vun den Delegéierten / Presidenten

**SIDEST:** Fir d'Gemeng Manternach ass fir d'Joer 2021 de Projet vum Raccordement vun der Kanalisatioun vu Mënjecker un déi nei Kläranlag zu Gréiwemaacher am Budget vum SIDEST virgesinn. Doniewent ginn Etüde gemaach fir d'Kläranlage zu Manternach ze moderniséieren an / oder ze vergréisseren.

**SIDERE:** De Budget fir d'Joer 2021 ass gestëmmt ginn. Aktuell huet de Syndikat bei de Prozedure fir de Bau vun engem neien Haaptsëtz Problemer mam Ëmweltministère.

**SYNECOSPORT:** De Buergermeeschter Jean-Pierre Hoffmann huet dem gesamte Personal vum Schoulsite zu Berbuerg fir hier gutt Aarbecht an de schwieregen Corona-Zäiten félicitéiert. Wat de Budget fir d'Joer 2021 ugeet, sou kann een déi geplangte sécherheetstechnesch „mise en conformité" vum ale Schoulgebai souwéi eng Etüd fir en eventuellen Ausbau vun der Maison Relais ervirhiewen.

### 8. Kommunikatioun vum Schäfferot a Froen vun de Conseilleren

Am Kader vum „Dag vum Bam", wäerten d'Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot am Respekt vun de sanitäre Mesuren een Nëssert bei der Kierch zu Lelleg planzen. Leider kënnen d'Bierger aus der Gemeng dës Joer net dobäi sinn. Fir den Esprit vun dësem Dag an de nohaltege Gedanken awer opliewen ze loossen offréiert d'Gemeng all Stot een Uebstbam.

Doniewent huet de Buergermeeschter och nach folgend zwee Projet'en annoncéiert:

- De Bau vun enger neier Crèche zu Manternach,
- Den Ausbau vum Späicher vum Gemengenhaus fir méi Aarbechtsplaz ze schafen. Am Kader vun dësen Aarbechte soll d'Gemenghaus och sécherheetstechnesch konform gesat ginn.

Dës Projet'en wäerten dem Gemengerot an enger Aarbechtssëtzung presentéiert ginn.

De Buergermeeschter informéiert d'Conseilleren dass si, op Grond vun der aktueller Situatioun, och per Visiokonferenz kënnen um Gemengerot deelhuelen.

2020 de 8h00 au 16 novembre 2020 à 6h00 concernant la route Syrdallstrooss, laquelle a été barrée à la hauteur du passage à niveau PN73, pour toute circulation dans les deux sens.

### 7. Syndicats / Commissions – Informations des délégués / Présidents

**SIDEST :** Pour notre commune, il faut noter qu'un raccordement du village Münschecker à la station d'épuration de Grevenmacher sera réalisé. Le projet est inscrit dans le Budget 2021 du SIDEST. En outre, une étude concernant la station d'épuration de Manternach va aussi être lancée, afin de prévoir la modernisation et/ou l'agrandissement des installations en question.

**SIDERE :** Le Budget 2021 a été voté au sein du SIDERE. Cependant, le syndicat doit faire face à différents problèmes d'autorisation de la part du Ministère de l'environnement concernant la construction du siège.

**SYNECOSPORT :** Monsieur le Bourgmestre, Jean-Pierre HOFFMANN a félicité tout le personnel de l'école et de la maison relais faisant face à la situation difficile du coronavirus.

En ce qui concerne le Budget 2021, il faut mettre en évidence le projet de la mise en conformité de l'ancien immeuble scolaire et l'étude concernant une éventuelle extension de la maison relais.

### 8. Communication du collège des bourgmestre et échevins et questions des conseillers

Dans le cadre de la journée de l'arbre, le conseil communal et le collège échevinal vont planter un noyer près de l'église à Lellig, tout en respectant les mesures sanitaires. Malheureusement, cette année les citoyens ne peuvent pas y participer. Afin de laisser vivre l'esprit de la journée de l'arbre auprès des citoyens, la commune offre un arbre à chaque ménage.

En outre, Monsieur le Bourgmestre annonce deux projets, à savoir :

- La construction d'une nouvelle crèche à Manternach,
- L'aménagement des combles de la mairie afin de créer plus d'espace de travail. Cet aménagement sera aussi accompagné par une mise en conformité de la mairie.

Les projets en question vont être présentés au conseil communal lors d'une réunion de travail.

En ce qui concerne la participation des conseillers aux réunions du conseil communal, Monsieur le Bourgmestre, Jean-Pierre Hoffmann explique aux conseillers qu'une participation via visio-conférence soit toujours possible.

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 18. DEZEMBER 2020

## DAGESUERDNUNG

### A geschlossener Sëtzung

1. Ernennung vun engem Gemengenemployé A2

### An der ëffentlecher Sëtzung

2. Unhuele vu Recetten
3. Avis bezüglech dem Projet vum Bau vun enger neier Loftlinn fir den Transport vun elektrescher Energie vun 380KW Spannung an Ofbau vun der bestoender Linn vun 220KW Spannung
4. Ëmbenennung vun enger Strooss zu Manternach
5. Unhuelen vun engem Akt
6. Unhuelen vun engem Contrat de bail tëscht der Gemeng an der Administration de la Nature et des Forêts
7. Unhuelen vum virleefegen Budget vum CIGR
8. Unhuelen vun temporären Verkéiersreglementer
   8.1. „am Er" zu Berbuerg
   8.2. „am Burfeld" zu Manternach
9. Unhuelen vun Ännerungen vun Verkéiersreglementer
   9.1. „Duerfstrooss" zu Mënjecker
   9.2. „um Bierg" zu Berbuerg
10. Budget
    10.1. Vote vum rektifizéierte Budget 2020
    10.2. Vote vum Buget 2021
11. Ausbau vum Späicher vum Gemengenhaus
    11.1. Unhuelen vum Projet
    11.2. Unhuelen vum Devis
12. Syndikater/Kommissiounen – Informatiounen vun den Delegueierten/Presidenten
13. Kommunikatioun vum Schäfferot a Froe vun de Conseilleren
14. Virkafsrecht

**Uwiesend:**

HOFFMANN Jean-Pierre, Buergermeeschter
KLEIN-UNGEHEUER Alix, Schäffin
THEISEN Claude, Schäffen
KLEIN-SEIL Henriette, THOSS-LEHMANN Marie-Rose, SCHRAM-PETRI Alice (Punkt 1-9), MEHLEN Robert, KRIER-STEINMETZ Isabelle (2-13), HELLERS Frank, Gemengerot

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 18 DÉCEMBRE 2020

## ORDRE DU JOUR

### En séance à huis clos

1. Nomination au poste vacant d'employé communal A2

### En séance publique

2. Approbation de recettes
3. Avis concernant le projet de construction d'une nouvelle ligne aérienne de transport d'énergie électrique d'une tension de 380kV incluant le démantèlement de la ligne aérienne existante d'une tension de 220kV
4. Dénomination d'une rue à Manternach
5. Approbation d'un acte
6. Approbation d'un contrat de bail avec l'Administration de la Nature et des Forêts
7. Approbation du budget prévisionnel du CIGR
8. Approbation de règlements temporaires de circulation
   8.1. rue « Am Er » à Berbourg
   8.2. rue « Am Burfeld » à Manternach
9. Approbation d'une modification du règlement de circulation
   9.1. rue « Duerfstrooss » à Münschecker
   9.2. rue « um Bierg » à Berbourg
10. Budget
    10.1. Vote du Budget rectifié 2020
    10.2. Vote du Budget initial 2021
11. Aménagement des combles de la mairie
    11.1. Approbation du projet
    11.2. Approbation du devis
12. Syndicats / Commissions – Informations des délégués / Présidents
13. Communication du collège des bourgmestre et échevins et questions des conseillers
14. Droit de préemption

**Présents :**

HOFFMANN Jean-Pierre, Bourgmestre
KLEIN-UNGEHEUER Alix, Échevine
THEISEN Claude, Échevin
KLEIN-SEIL Henriette, THOSS-LEHMANN Marie-Rose, SCHRAM-PETRI Alice (points 1-9), MEHLEN Robert, KRIER-STEINMETZ Isabelle (points 2-13), conseillers

**Absent:**

a) entschëllegt: SCHRAM-PETRI Alice (Punkt 10-14), KRIER-STEINMETZ Isabelle (Punkt 1 & 14)

b) onentschëllegt: /

**Absents :**

a) excusé(e)s : SCHRAM-PETRI Alice (points 10 – 14), KRIER-STEINMETZ Isabelle (points 1 & 14)

b) sans motif : /

## A geschlossener Sëtzung

### 1. Ernennung vun engem Gemengenemployé A2

Eng Persoun ass op de fräie Post vum Gemengenemployé A2 ernannt ginn.

## An der ëffentlecher Sëtzung

### 2. Unhuele vu Recetten

Déi folgend Recette goufen eestëmmeg vun de Membere vum Gemengerot ugeholl:

## En séance à huis clos

### 1. Nomination au poste vacant d'employé communal A2

Une personne a été nommée au poste vacant d'employé communal A2.

## En séance publique

### 2. Approbation de recettes

Les titres de recettes suivants ont été approuvés à l'unanimité des voix des membres présents :

**TITRES DE RECETTES 2020**

| Article budgétaire | Libellé | Montant |
|---|---|---|
| 2/170/707120/99001 | Impôt commercial 1er avance | 37 000,00 € |
| 2/170/707120/99001 | Impôt commercial 2ième avance | 31 000,00 € |
| 2/170/707120/99001 | Impôt commercial 4ième avance | 31 000,00 € |
| 2/413/708211/99001 | Location chasse | 1 615,19 € |
| 2/120/746000/99001 | Indemnités d'assurance touchées suite à un sinistre | 425,94 € |
| | **Total :** | **101 041,13 €** |

### 3. Avis bezüglech dem Projet vum Bau vun enger neier Loftlinn fir den Transport vun elektrescher Energie vun 380KW Spannung an Ofbau vun der bestoender Linn vun 220KW Spannung

D'Membere vum Gemengerot hunn eestëmmeg de folgenden Avis ugeholl:

### 3. Avis concernant le projet de construction d'une nouvelle ligne aérienne de transport d'énergie électrique d'une tension de 380kV incluant le démantèlement de la ligne aérienne existante d'une tension de 220kV

Le conseil communal décide à l'unanimité des voix des membres présents l'avis suivant :

*„Der Gemeinderat Manternach stellt fest,*

- *dass auf Grund des demografischen Wachstums die bestehenden Infrastrukturen den ansteigenden Energiebedarf nicht mehr gesichert abdecken können;*
- *dass die Creos in Zusammenarbeit mit der Firma Amprion aus Deutschland aus diesen Gründen den Bau einer neuen Hochspannungsleitung plane;*

*Der Gemeinderat Manternach begrüßt,*

- *die geplante Modernisierung des Netzes sowie die angestrebte Verbesserung der Lebensqualität der Bevölkerung;*
- *die Absicht, die bestehenden Hochspannungsleitungen durch weiter von den Wohngebieten entfernte Leitungen zu ersetzen;*

- *dass durch die neuen Maßnahmen viele Masten und Freileitungskilometer aus dem Landschaftsbild entfernt werden;*

*Der Gemeinderat Manternach ist besorgt,*

- *wegen der heute schon beträchtlichen Ein- und Auswirkungen der Hochspannungsleitungen nahe den Wohngebieten, besonders in der Ortschaft Berburg, auf die menschliche Gesundheit wie auch auf Flora und Fauna;*
- *dass es augenscheinlich nicht geplant ist, die Freileitungen in der Nähe der Wohngebiete durch Erdkabel zu ersetzen;*

*Der Gemeinderat Manternach bedauert,*

- *dass im Vorfeld der Informationskampagne (Flyer an alle Haushalte) zu diesem Großprojekt die betroffenen Gemeinden nicht in Kenntnis gesetzt wurden und somit den besorgten Bürgern gegenüber schlecht informiert entgegentraten;*
- *insgesamt eine mangelnde Kommunikation und Transparenz des Netzbetreibers und des Umweltministeriums mit den Gemeindeverantwortlichen;*

*Der Gemeinderat Manternach fordert;*

- *dass alle Freileitungen, welche in unmittelbarer Nähe zu Wohngebieten liegen, möglichst durch Erdkabel ersetzt werden;*
- *eine umfassende Informationskampagne für alle Bürger der betroffenen Gemeinden zu den Risiken und Vorteilen der neuen Hochspannungsleitungen;*
- *dass, falls dies nicht möglich sein sollte, alle Freileitungen auf einer Distanz von mindestens 50 m von der Perimetergrenze gebaut werden sollen;*
- *dass man die zwei nördlichen Trassen bevorzugt, jedoch die dritte Trasse, die Richtung Lellig geht ablehnt."*

## 4. Ëmbenennung vun enger Strooss zu Manternach

D'Membere vum Gemengerot hunn eestëmmeg decidéiert d'Strooss, déi tëschent dem Haus n° 13 an n° 16 vun der Syrdallstrooss zu Manternach erof verleeft, „Däichwee" ze nennen.

## 5. Unhuele vun Akten

### 5.1. Tauschakt

D'Membere vum Gemengerot hunn eestëmmeg en Tauschakt tëschent der Gemeng Manternach an enger Privatpersoun ugeholl fir déi bestoend Situatioun ze reegelen.

## 4. Dénomination d'une rue à Manternach

Le conseil communal décide à l'unanimité des voix des membres présents d'attribuer le nom « Däichwee » à la rue descendante entre la maison n° 13 et n°16 de la rue Syrdallstrooss à L-6850, Manternach.

## 5. Approbation d'actes

### 5.1. Acte d'échange

